

kënnen eng zweet Proposition op den Instanzewee ze bréngen, fir dass een net vill Zäit verléiert, wann et sech sollt erausstellen, dass et net méi méiglech ass, um Plateau du Saint-Esprit ze bauen. Aus deem Grond déposéieren ech eng Proposition de loi, déi folgendermoossen intituléiert ass:

6. Dépôt d'une proposition de loi

- Proposition de loi 4854

1. portant abolition de la loi du 6 avril 1999 relative à la construction d'une Cité judiciaire au plateau du Saint-Esprit à Luxembourg et

2. autorisant le Gouvernement à faire procéder à la construction d'une Cité judiciaire sur les îlots de la „Rocade de Bonnevoie“ à Luxembourg

(Interruptions diverses)

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Bauteministesch, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

7. Heure d'actualité demandée par le groupe ADR sur le projet de construction de la cité judiciaire et plus précisément sur les conclusions des experts de l'UNESCO (Suite)

Discussion générale (Suite)

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Här President, et ass viles am Dossier „Cité judiciaire“ am Moment an der Evolutioun. Dofir kann een net mat Schwaarzweißmolerei virufueren, an déi hu Recht, déi soen, et soll ee fir d'éischt emol kucken, wéi de Projet elo do läit par rapport zu deem wat d'UNESCO da selwer seet a wat se aus den Aise vum hiren Expären zréckbehält an dann der Regierung operleet.

Et ass nämlech esou, déi Aise vum der ICOMOS sinn Aise, déi fir d'UNESCO gemaach gi sinn. Et huet awer kee vun där doter ONG d'Kompetenz, fir am plaz vun der UNESCO ze schwätzen.

Sou ass et dann och mat dem Bréif vum President vun ICOMOS, dee wéi mam Zauberstaf erbäigezaubert ginn ass deen Dag, wou déi dräi Kommissiounen hei an der Chamber zesumme waren, an dee beseet, mir géife vum Weltkulturerbe gestrach ginn, wa mer keen anere Site géife sichen. Dee Bréif ass net e Bréif vun der UNESCO, mä e Bréif vun engem Mann, vun enger ONG. Mir hu vun der UNESCO an deem Sënn bis elo nach keng Wuertmeldung héieren, datt mir vum Patrimoine gestrach géife ginn, wa mir dat eent oder dat anert net géifen anhalen. Mir si jo dofir ëm eng Entrevue beméit mat der UNESCO, déi och deemnächst wäert stattfannen, sou datt dee Projet, dee vun der Chamber mat enger grousser Majoritéit gestëmmt ginn ass, nach ëmmer gëlt.

De Projet ass net vum Dësch. D'Regierung huet e Virschlag gemaach, deen elo hei net esou erwähnt ginn ass, well si huet jo bei hirer Prise de position proposéiert, et sollt een deen ale Palais de Justice och mat abezéien.

Ech wëll dofir virun allem op e puer falsch Duerstellungen agoen. Et ass evident, datt hei d'Stad Lëtzebuerg um laangen Hiewel ass, well wa mer keng Baugenehmigung vun der Stad Lëtzebuerg hunn, da kënne mer net ufänken. Mir hunn op den 30. August eng Baugenehmigung bei der Stad Lëtzebuerg ugefrot en bonne et due forme, wéi dat sech gehéiert, mat allen Detailpläng vun den eenzelne Gebaier. Et ass eng voluminös Aarbecht. An der Zwëschenzäit huet d'Stad Lëtzebuerg eis wësse gedoen, datt fir de Moment bei hinnen de Projet net géif beäntwert ginn, datt en op Äis géif leien, bis mer déi Saach mat der UNESCO gekläert hätten.

En attendant huet den Architekt sech jo beméit, déi eng oder déi aner Modifikatioun ze maachen, fir de Projet aus der Zone erauszekréien, wou en op verschiddene Plazen iwwert d'Zone tampon erausgaangen ass. Déi Pläng huet de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg an d'Hand kritt, bei enger Sëtzung, déi mer zesumme mat der Gemeng haten. Si sinn natierlech net esou finaliséiert, datt dat elo erëm eng Kéier eng formell Demande wär, dat heescht, op déi Demande vum 30. August hu mer also eng Äntwert, déi eng Attente bedeit. Mir hunn och déi provisoersch Baugenehmigung net verlängert kritt, sou datt déi Aktivitéit, déi elo um Chantier ugefaangen huet mat dem Zil, fir beim Parking unzufueren a Fouillen ze maachen, datt déi net verlängert ginn ass. Mir sinn an engem Wartestadium bis mer vun der UNESCO eng Äntwert kréien. Ech denken, datt mer déi am Laf vun deenen nächste Woche kréien.

Déi Virwërf, déi dann awer gemaach ginn zum Projet, déi elo net nëmme mat den Aise vum der UNESCO ze dinn hunn, mä déi virun allem och mat dem Choix vum Architekt ze dinn hunn oder mat dem Virwurf, et wär keng Plaz, dat si keng nei Virwërf. Déi waren alleguer bei der Diskussioun vum 1999 opgeworf ginn, an déi sinn heibanne vu verschiddene Riedner och ervirgestrach ginn. An anere Wieder: D'Chamber hat an deem Ablack schonn eng kritesch Approche zum Projet, mä si huet awer, trotz der kritescher Approche, de Projet gestëmmt. D'Deputéierten hunn expressis verbis gesot, de Site géif hire Virstellungen zwar net entsprechen, mä si géifen de Projet awer stëmmen. Ech ginn also dovun aus, datt d'Regierung sech op e largë Konsens vun der Chamber ka beruffen, fir déi Saachen ze klären, déi an deem Ablack ze kläre sinn.

Wann hei gesot gëtt, et wäert Lacunë gewiescht bei der Presentatioun vum Projet, an ech wëll elo hei net fir mä Virgänger eng Lanz brieden, mä ech kann awer explizéieren, wéi am Bauteministère déi Démarche gaangen ass.